ADMINISTRATION COMMUNALE
HELPERKNAPP

Helperknapp, 19/08/2022

Rapport vun der Kommissioun fir nohalteg Entwécklung

Sëtzung vum 28 Mäerz 2022

Präsenzen

Present (Quorum 50% , ≥6)	Net present	Observateuren a Experten
Jean-Jacques BUTTEL Philippe CHENNAUX (President) Pierre ESPEN Marc FRANK Claude HETTINGER Jacques HUSS Carlo KOEPP (Sekretär) Patrick KRAEMER Ambrus PORCSIN Joske VOSMAN (Vize-President)		

Dagesuerdnung

Déi folgend Dagesuerdnung gouf op d'mannst 2 Deeg virun der Sëtzung un d'Memberen (developpement.durable@helperknapp.lu) an op odj@helperknapp.lu verschéckt, respektiv nodréiglech, op Ufro vu Memberen oder dem Schäfferot, ugepasst

1. Begréissung &Präsenzelëscht
2. Remarquen zum leschte Rapport
3. Groussbotz an eiser Gemeng
4. Charta, Organisatioun Workshop
5. Wandpark Helperknapp
6. Divers

Punkt 1 : Begréissung, Präsenzelëscht

All d' Memberen waren präsent. De Philippe an den Ambrus hunn iwwer TEAMS deelgeholl.

De Philippe huet an eegener Saach erkläert dat hien zukünfteg aus perséinlechen Grënn manner Zäit hätt. Wann hien net präsent ka sinn, muss den Vizepresident an dem Fall iwwerhuelen. No senger Aussoe wier et och méiglech dat, fir de Recht vun der Zäit, een aneren Member d' Presidentschaft iwwerhëlt. Mir decidéieren eventuell doriwwer an der nächster Sëtzung.

Punkt 2 : Remarquen zum leschte Rapport

Et goufen an der Sëtzung keng Remark zum Rapport vum 1 Mäerz 2022.

Punkt 3 : Groussbotz an eiser Gemeng

D' Terminer fir Groussbotzen dëst Joer goufen am Virfeld zesummen mam Syndicat d' Initiative Téinten festgeluecht . Déi Éischt -d' Ouschtere Botz- ass Samschdeg, den 9 Abrëll, an déi Aner -d' Hierscht Botz- ass virgesinn fir den 24 September. De Flyer fir d' Ouschtere Botz gouf schonn virun enger gudder Woch verdeelt.

Den Oflaf geséit follgend aus:

- D' Aktioun gëtt a Gruppen organiséiert op 4 Plazen mat jeeweils engem Responsabelen fir all Grupp. Dat sinn den Gilbert Georges fir Béiwen, warscheinlech den Daniel Lux fir Bëschdref, den Steve Rollinger fir Brouch an den Marc Mannes fir Téinten.
- De Rendez-vous ass fir d' Leit déi deelhuelen um 9h op deenen 4 Plazen (Schoulhaff Téinten, Koll Brouch, Spillplaz Bëschdref an Centre Culturel am Lëtschert Beiwen.
- Um 8h15 treffen sech d' Responsabel fir d'éischt zu Téinten am Koschteschbau fir d' Material (Händschen, Zaangen, Gräifzaangen, Tuten,..) z' iwwerhuelen a fueren dann op hir respektiv Treffpunkten.
- Um Enn vun der Botz treffen sech d' Leit am Koschteschbau. Et gëtt Ierzebulli fir déi Grouss an Spagettien fir déi Kleng. De Sall gëtt duerfir Freides Owes ab 18h preparéiert (Mannes Marc). Et soll een Iessgeschier fir 100 Léit virgesinn. Et kann ee rechnen mat 50-70 Erwuessener an 20-30 Kanner.
  - ➔ **Ganz wichteg och ass d' Sécherheet op den Stroossen an d' Hygiène. Et muss een gutt oppassen op den Verkéier an et muss een Händschen droen beim Dreck asammelen.**

Weider Punkte heiriwwer:

- Et gouf proposéiert 2 Tuten ze benotzen, eng Schwaarz an eng Blo, fir allgemengen Offall a fir Plastik.
- D' Fro gouf gestallt op beim Iessen och Taart a Kaffi virgesinn ass?

- De Joske oder Tanja Asselborn schwätzen Mam Schoul President fir de Schoulkanner eventuell a Flyer z.B. am Hausaufgabe-Bichelchen matzeginn?
- De Patrick huet virgeschloe fir d' nächst Kéier de Flyer op deenen 2 Säiten ze beschréften, eventuell mam Ëmwelt Themen a Sloganen oder awer d' Invitatioun an enger anerer Sprooch.

Punkt 4 : Charta, Organisatioun Workshop

Mir wëllen mat der Charta weiderkommen. Et ass eng Akzeptanz an Interessi do. Suite op eng Entrevue mat der EBL (Philippe a Joske) sinn déi Bereetschaft fir d' Moderatioun z' iwwerhuelen mat den Veräiner.

Fir den Workshop z' organiséieren soll d' Tanja oder d' Laetitia eng Invitatioun iwwert den Gemengen Doodle un d' Veräiner geschécken. Mir proposéieren **4 Datumen, den 21, 28, 29 oder den 30 Juni an der Koll um 19h00**.

Als Preparatioun sollte mir ee **Kader** proposéieren z.B. d' Form vum Layout an d' Zuel vun den Säiten, awer och d' **Themen Beräicher** festleeën, z.B. Catering, Transport, Offall,...., iwwert déi soll diskutéiert ginn.

Punkt 5 : Wandpark Helperknapp

An der viregter Reunioun hat de Joske jo den Projet Wandpark Helperknapp presentéiert. Doropshin huet den Ambrus, den an där Sëtzung net konnt present sinn, iwwer Email déi follgend Froen gestallt, déi awer dës kéier aus Zäitmangel net am Detail diskutéiert goufen:

- Mussen et esou grouss Wandrieder sinn oder kënnen och méi klenger installéiert ginn?

Hien huet als Beispill kleng Wandrieder mat vertikalen Achsen zitéiert (Foto) déi laanscht vill befueren Stroossen (Auto Fuer Wand) , awer och op anere Plazen kënne stoen mat ~1KV Leeschtung. Laut Artikel, ob deen hien sech baséiert, ass dat awer nach ee Test-Projet op tierkeschen Autobunnen. Eng Anlag soll, laut Hiersteller, fir 1 bis 2 duerchschnëttlech Haushälter Elektresch liwweren. Den Ambrus mengt dat domadder och den Vulleschutz assuréiert wier.

Bemierkung: Ouni elo op déi technesch méiglech Rendementen an ze goen, misst een, reng mathematesch, 4200 vun dësen Wandrieder installéieren fir 1 vun deenen Groussen ze kompenséieren.

- Gëtt déi Energie vun de Wandrieder am Projet SOLER iwwerhaapt gebraucht an u wien geet déi z.B. Bricher Schoul, Gemengen Gebaier a Bierger,....?
- Gëtt d' elektresch Energie a Batterien gespäichert oder gëtt alles an den ëffentlechen Reseau agespeist?

An der Kommissioun selwer kënne mer net op all Froe äntweren, duerfir wier d' Hëllef vun engem Expert néideg.

Punkt 6 : Divers

- Et ass erwäänt ginn dat Theaterfrënn an Kulturkommissioun eng Doodle Invitatioun un d' Veräiner eraus ginn hunn fir divers Organisatioun Froen ze klären. Dës steet net am Zesummenhang mat eiser Aktioun.
- Vum 15 Mäi bis den 9 Juni kann een Virschléi an Iddien zum "Park Bëschdref" formuléieren.
- De Patrick huet virgeschloen dat bedierfteg Stéit, déi eng Allocatioun "Vie chère" bezéien, an der haiteger Situatioun méi sollten ënnerstëtz ginn z.B. unhand vun engem Energie Bonus.

Nächst Sëtzung

Déi nächst Sëtzung ass den 17 Mäi um 19h00 an der Koll.

Héi eenzel Punkten fir eng Dagesuerdnung:

- Feedback iwwert d' Resultat vum Klimapakt 2.0 Audit
- Gemengen Subside fir d' Ëmstellung vun enger fossiller Heizung op eng Wärmepompel an allgemeng
- Reparatur-Atelieren am Verbond mat der Kreeslaf Wirtschaft
- Liewensqualitéit an der Gemeng a Verkéiersberouegungs-Moossnamen

Unhang:

Dëse Rapport soll an engem Délai vun 2 Wochen no der Sëtzung un d'Memberen verschéckt a no der Approbatioun als PDF un déi responsabel vun der Administration (tanja.asselborn@helperknapp.lu & yves.munchen@helperknapp.lu) weidergeleed.